Bulletin de la Fondation Luxembourg - El Salvador
März 2017 - XLIX/1

El Salvador - Luxembourg

« Eise Bulletin am neie Format »

Léif Leit,

Dëse Mäerzbulletin 2017 wëlle mer Iech an engem neie Format präsentéieren: An Zesummenaarbecht mat de Mediëspezialiste vun der Firma typo95 vu Waasserbëlleg kënne mer vum Layout bis bäi d' Verschécke vum Bulletin alles aus enger Hand erleedege loossen. Dat spuert eis vum Verwaltungsrot e.a. vill Stonnen handwierklechen Asaz. An duerfir gläich eng aner Suerg:
D'Fondatioun Lëtzebuerg-El Salvador sicht Leit, déi benevol eng Hand mat upaken. Mir wëllen och an Zukunft probéieren, just mat benevolle Mataarbechter ze schaffen, déi onentgeltlech e klengen Deel vun hirer Fräizäit fir e gudden Zweck kënnen a wëllen opbréngen, fir datt mir och weiderhin e Maximum vun de gespente Gelder kënnen an El Salvador fir aarm Leit asetzen.
Et ass net einfach, haut Leit, och Jonker, dozou ze beweegen, sech ze engagéieren. Mir hu jo hautdesdaags keng Zäit méi. Et ass vill méi bequeem, doheem Musik ze lauschteren, bei der Tele ze sëtzen an e flotte Film ze kucken, sech um Handy vu spannende Videospiller begeeschteren ze loossen oder am World Wide Web ze surfen, wou der Fantasie keng Grenze gesat sinn. Et fënnt ee jo Häerz wat begiers de. Et ass net einfach, bei esou enger rieseger Offer vu Filmer, Spiller an Internetsäiten ze widderstoen.
Op där anerer Säit: bei enger ONG, engem Sportsveräin, bei de Pompjeeën, an enger Musik oder enger Chorale kritt ee Kontakter mat anere Leit, et kann een ënnerenee schwätzen, sech besser kenne léieren, et kënnt een ënnert d'Leit, an et huet ee mat deem sozialen Engagement och nach eppes Guddes fir sech an seng Matmënsche gemaach.
Dofir nach eng Kéier en dringenden Opruff: mir brauchen nei Leit, déi eis hëllefen, déi och am Comité eng Charge iwwerhuele wëllen. Déi Aarbechten, déi ufalen, si flott an onkomplizéiert: kleng administrativ Schreifaarbechten, wéi d'Verschécke vu Remerciementen un d'Donateuren, Verwalte vun den Adressfichieren , kleng Comptabilitéitsaarbecht, Astandhale vun eiser Internet- an der Facebook-säit, e puermol am Joer op engem Verkaafsstand uechter d'Land präsent sinn, bei Veräiner oder an de Schoulen vun eiser Aarbecht am El Salvador erzielen. D'Auswiel ass grouss an intressant, souguer eng Rees a Mëttelamerika kéint zur Charge gehéieren.
Zéckt net, eis ze kontaktéieren, mir freeën eis iwwer all Hand, déi eis ënnerstëtzt, a soen iech elo scho Merci fir ären Intressi.
An dësem Bulletin wëlle mir iech an engem Artikel vum Maryse Dondelinger d' Aarbecht am Fraenhaus Casa Madre zu San Salvador viirstellen. Op deenen nächste Säiten kënnt dir e puer Iwwerleeunge vum Abbé Henri Gloden iwwer d' Ouschterzäit liesen, a mat him zesummen zéie mir de finanzielle Bilan vun eisen Aktivitéite vum vergaangene Joer.
Bleift mir elo nach, Iech an Äre Famillje schéin Ouschteren ze wënschen, a vläicht bis den 21.Mee, wa mir d'Mass zesumme mam Henri Gloden feieren.

Roland Milbert
President vun der Fondatioun

« D'Casa Madre de la Misericordia, eng wichteg Stäip fir vill Fraen zu San Salvador »

Zanter de Projet am Mee 2007 als klassescht Fraenhaus ugelaf ass, huet en sech staark vergréissert a liicht ëmorientéiert. Effektiv sinn déi ganz Joren iwwer relativ wéineg Frae vun der Police bei si bruet ginn, esou datt d'Schwësteren dozou iwwer gaang sinn, och Mammen opzehuelen, déi, oft vu wäithier, mat hire kranke Kanner an eng nobäi Kannerklinik komme mussen. Dat wëll net heeschen, dass si hirt ursprünglecht Zil, nämlech Fraen a Kanner eng Méiglechkeet ze bidden, sech aus engem gewaltvollen Ëmfeld ze befreien, opginn hunn. Neen, si erreechen esou vill méi Fraen, déi si sensibiliséieren a stäerke kënnen.
Am Haapthaus wunnen déi Fraen, déi sech virun hiren Agresseure verstoppe mussen, an déi, déi regelméisseg

oder iwwer laang Zäit mat engem Kand an d'Klinik kommen. Oft hu si och hir aner Kanner dobäi, well si doheem keng vertrauenswürdeg Persoun hunn, bei deeër si se kënne loossen. Hei sti 60 Better fir Fraen a Kanner zur Verfügung. D'Haus gouf Enn 2015 renovéiert.
D'Spidol huet zudeem gefrot, dass d'Schwësteren och d'Gestioun vun hirer Auberge iwwerhuele sollten, déi am Juni 2016 opgaang ass. Dofir goufen 3 nei Mataarbechterinnen agestallt. D'Betreiung hei ass awer vill méi nidderschwelleg.
Den 8. Mäerz war de Weltfraendag. Do gëtt iwwerall fir d'Fraerechter an d'Gläichberechtegung agetrueden, mee am Salvador bleift do nach villes opzeschaffen. 1996 gouf de staatlechen Institut fir Fraenentwécklung gegrënnt, deen 2010 eng Etude duerchgefouert huet zum Thema Diskriminéierung a Gewalt u Fraen. D'Resultater sinn erschreckend: El Salvador huet deen héchste Prozentsaz vu Morden u Fraen op der Welt. D'Morden an d'Gewalt geschéie meescht am familiären Ëmfeld. A bal 80% vun de Fäll gëtt d'Enquête emol net ofgeschloss, an den Täter gëtt net bestrooft. 40% vun de Suiciden während enger Schwangerschaft geschéien no Vergewaltegung duerch e Familljemember. Bei zwee Drëttel vun alle Vergewaltegungen ass den Täter e Mann aus der Famill, an och an zwee Drëttel vun de Fäll ass d'Affer ënner 19 Joer al. All 8. Fra gëtt un, physesch oder sexuell Gewalt ze erleiden.
Och bei den Drogebanden ass Vergewaltegung eng wierkungsvoll „Waff" fir Muecht a Kontroll ze sécheren.
All dat bréngt evidenterweis mat sech, datt vill jonk Meedercher duerch déi Verbreeche schwanger ginn – an datt si dofir och nach d'Schold an d'Schan opgedréckt kréien. Dohir ass och de Prozentsaz u Selbstmorde vu jonke Meedercher immens héich.
2011 gouf e Gesetz gestëmmt fir d'Frae viru Gewalt ze schützen, bis elo ouni grousse Succès.
En anert Gesetz vun 1998, dat Ofdreiwung ënner allen Ëmstänn verbitt, a matt 30 bis 40 Joer Prisong bestroft, huet zu en etlech onschëllegen Inhaftéierunge gefouert, a mécht villen aarme Fraen Angscht. Si ginn eréischt bei den Dokter, wann et duerch Schwangerschaftskomplikatiounen zu enger Fausse Couche kënnt, a riskéieren dann der Ofdreiwung ugeklot ze ginn. (Klinikspersonal an de staatleche Kliniken riskéiert streng Sanktiounen, wann eng potentiell Ofdreiwung net gemellt gëtt) Geet d'Fra aus Angscht no enger Fausse Couche net bei den Dokter, riskéiert se hiert Liewen. Amnesty International hat an de leschte Joren op dës Fäll opmierksam gemat.
Ganz vill Fraen, deenen hir Kanner an der Klinik soignéiert ginn, kommen och aus engem gewaltvollen Ëmfeld. Am Fraenhaus si si viru weidere Gewaltakte geschützt, kënnen sech sécher spieren an neess zou sech kommen. Hinne gëtt bewosst gemaach, dass si e Recht hunn op e Liewen ouni Gewalt. Hei léieren sou munch Fra a Kand eréischt, dass et net normal ass, wat an hire Famille geschitt. Dass si dat net selwer verschëlt a verdéngt hunn, mee dass den Täter am Feeler ass, a si e Recht hunn, sech ze wieren. Déi, déi am Ufank näischt vun hirem Leed wëllen zouginn, gesinn, dass si net eleng sinn, dass et Hëllef gëtt, a wéi anerer et fäerdeg bréngen, sech e Stéckelchen ze befreien.
D'Fraen hunn Zougank zu psychologescher, rechtlecher a medezinescher Hëllef.
Si kréie spirituelle Bäistand vun de Schwësteren an der schwéierer Situatioun mat hirem oft stieweskranke Kand.
D'Schwësteren hu Kontakter zu aneren Institutiounen, déi Atelieren ënnerhalen. Hei kënnen d'Frae Capacitéite vermëttelt kréien, déi hinnen et erméiglechen, eng Aarbecht opzehuelen a fir sech an hir Kanner opzekommen.
Och d'Aarbecht mat de Geschwëster vun de kranke Kanner (bastelen, spillen, léieren, feieren, sangen, …..) ass fir dës ganz wichteg. Si ginn net vergeess, an däerfe frou sinn, obwuel et hire Gesëschter schlecht geet.

« Überlegungen von Padre Enrique Gloden »

Weltmeister El Salvador

Im Fußball? Nein.
Einige internationale Institute behaupten, El Salvador sei Weltmeister 2016 im Morden: 5 265, ganz genau. Gefolgt von Venezuela. El Salvador, Guatemala und Honduras, der Triangulo Norte von Zentralmerika: 14 870 Tote.
Puritita la verdad…. Keine Lüge, nadita. Mir verschlägt es die Sprache.
Stellen Sie sich das plastisch vor, ganz plastisch. Wo soll das hinführen? Wo und wann wird das enden? Wie sieht die Zukunft aus, die Zukunft der Kinder, der Enkelkinder? Die Menscheit ist aus den Fugen geraten wie nie zuvor.
Ein deutscher Publizist hat vor kurzem geschrieben: Unsere europäischen Kinder und Jugendlichen werden ohne Gott erzogen! Das ist in! Und dann?
Sind Sie sich dessen bewusst, nett klar bewusst, auch der Konsequenzen… Müssen wir nicht RADIKAL umdenken? Versuchen, Kinder und Enkelkinder in einer cleveren globalen Lebenserziehung mit Gott zu erziehen? Gott als Anfang, Zentrum und Ende des Lebens….ansonsten….

Weihnachtliche Gedanken zu Ostern

Zu Weihnachten überfiel mich urplötzlich folgende Idee: “ prostitución de Navidad “, Prostituierung von Weihnachten.
Ich sprach mit jungen, salvadorianischen Studenten darüber. Sie stimmten mir zu. Sogar hier in El Salvador gab es eine Ent - stellung, eine Ent - weihung der Weih - nacht. Grob, frech, ungehemmt vor allem in wohlhabenderen Kreisen.
Großabwesender: Jesus, das Geburtstagskind aus Israël, Jesus, das göttliche Kind in der Krippe von Bethlehem, der Mensch gewordene Sohn Gottes. Die Fernsehnachrichten berichten von 46 Kindskadavern, die in einem Fernlaster im hohen Norden Mexikos gefunden wurden… Die Affäre sollte vertuscht werden, wurde aber dann doch publik… Shame on us…

Einige vorösterliche Überlegungen

Ich schreibe diese Zeilen in der Nacht. Diese ist ungewöhnlich schwarz. Ein kalter Wind fegt über die Berghänge des erloschenen Vulkans El Naranjo, vom Vulkan von Izalco über La Majada und Juayúa hin zum unwirtlichen Koloss von Apaneca, wo die Kaffeestauden unerbittlich vertrocknet sind.
Die Nacht der Salvadorianer, die Nacht der weiten Armenschichten, hier, oder im Nahen Osten, oder im Hungersnot leidenden Afrika….
Ich schreibe diese Zeilen ganz gezielt, passe sehr auf, was und wie ich schreibe… Hie und da habe ich den Eindruck, dass die Ozeanwinde manches stilllegen. Hie und da fühle ich, als wenn meine Gedanken die große Reise vielleicht nicht überstehen könnten.

So frage ich mich, welche, auch luxemburgische, Jugendlichen ernst auf die Alarmzeichen in der Welt heute reagieren, sich nicht verblenden lassen, sich nicht unfrei in einen Gemeinschaftssog hineinziehen lassen. Sprechen Sie mit Jugendlichen über die brennensten, tiefsten, existenziellsten Probleme von heute und morgen:
“ Los pobres son verdaderas catedrales del encuentro con el Señor Jesús.”
(Lateinamerikanische Bischöfe) “ Die Armen sind richtige Kathedralen der Begegnung mit dem Herrn Jesus. “
Helfen Sie Ihren Jugendlichen ihr Leben gescheit, sehr gescheit zu gestalten?
Und nicht Sklaven ihrer Kultur zu sein…. Muchas gracias.

Chapeau Señora Raquel

Ich möchte noch kurz von Mario erzählen:
Der junge Mann ist 21 Jahre alt. Er ist sehr arm, hat aber schon zwei Jahre auf einer Universität erfolgreich studiert. Sein Vater und seine vier Brüder kamen gemeinsam bei einem Autounfall ums Leben. Marios Mutter heißt Raquel. Mario, ihr einzig noch lebender Sohn, wird in wenigen Tagen in ein Priesterseminar im Osten des Landes eintreten. Ich fragte Mario: “ Und deine Mutter? Ihre Großeinsamkeit…. Ist sie einverstanden…? “ Die Antwort des jungen zukünftigen Priesters: “ Meine Mutter liebt Gott so sehr, dass sie mich freigibt. Ein Priestersohn ist das schönste Geschenk Gottes für sie. “

Ehre, wem Ehre gebührt

Gott allein, ….
Und Ihnen, seinen edlen Mitarbeitern. Gracias a Dios, und Dank Ihnen, den Spendern. Danke schön. Ohne Ihre Großzügigkeit hätten wir auch 2016 vieles nicht verwirklichen können.
So sieht unsere Bilanz von 2016 aus (Sie und wir können ein wenig stolz darauf sein):
292 000 $ in der Anfangsphase brauchte das auf drei Jahre angelegte Projekt zur Unterstützung der armen Bauern im Hinblick auf eine bessere Viehzucht und eine gute Milchproduktion. ¾ dieser Summe kommen vom Luxemburgischen Kooperationsministerium.
75 000 $ flossen in das Projekt Häuserbau in San Agustin.
35 500 $ kamen ärmsten Studenten als Studienbörsen zu Gute.
36 000 $ waren für die Ausbildung von 55 Priesterkandidaten der neuen zentralamerikanischen Ordensgemeinschaft “ Misioneros de Cristo Crucificado “. Sie erinnern sich an Finny und Jängy, diese herzensguten, früheren Einwohner von Mertert, die den Kandidaten der “ Crucificados “, der “ Gekreuzigten “, ihr Haus vererbten.
Von jenseits aller Galaxien laden die Geschwister Meyrer Sie und uns ein, eine Spende für zukünftige Priester aus der Dritten Welt zu hinterlassen.
55 700 $ waren für den Unterhalt der Herberge Casa Madre de la Misericordia für ärmste Mütter aus dem meist weiten Inland, um am Tage ihre schwer kranken Kinder im Hospital Benjamin Bloomin der Hauptstadt mütter-

lich zu betreuen. In dieser Herberge werden diese Mütter aus dem Volke liebevoll von jungen Schwestern umhegt, abends und nachts;
15 000 $ erhielt Padre Carlos Manuel Peraza Lopez für die Ausbildung von Jugendlichen in seiner Pfarrei " Buen Pastor " von Mejicanos, einer Vorstadt von San Salvador;
25 000 $ waren bestimmt für das Ausbildungshaus für Erwachsene, Ehepaare und Jugendliche in La Majada, Gemeinde Juayúa, gelegen in den Bergen im Westen des Landes. Die Teilnehmer zahlen nach Möglichkeit einen Teil der Ausgaben für die Wochenendkurse, integrale Bildungs - Weekende (Retraiten), und Pastoralplanifikationen von Pfarreien. Manche salvadoriani-schen Priester planen mit ihren Laienleadern die pastoralen Aktivitäten ihrer Pfarrei fürs ganze Jahr. Diese Planungsaktivitäten werden mit wissenschaftlichen Methoden verwirklicht. Unser Bildungshaus eignet sich sehr gut für diese Treffen: abgeschieden, aber doch leicht zu erreichen, auf 1 200 Meter Höhe , einfach und sauber, mit einem sehr angenehmen Klima, und mit einem panoramischen Ausblick auf den Pazifischen Ozean, seine Küste, die Vulkane und die Kaffeeplantagenlandschaft.
Ab Januar 2018 wird dieses Bildungsheim zu einer Abteilung des interdiözesanen Seminars der zwei westlichen Diözesen von Santa Ana und Sonsonate umgewandelt. Dank sei Gott.
158 900 $ kamen der Ganztagsbetreuung durch geschultes Personal von ungefähr 60 armen Kindern zu gute. 75% dieses Geldes fließt durch einen Kooperationsvertrag mit dem zuständigen Ministerium für Kooperation und Entwicklung von Luxemburg.
Etwa 38 900 $ wurden für Krankenbeihilfen, Operationen, verschiedenartige komplizierte, chirurgische Eingriffe, besonders bei sehr delikaten Krankheiten, so z. B. Esclerosis multiple bereit gestellt.
Diese Summen sind hoch. Honor a quien se merece honor. So ist jetzt langfristig die Zukunft des Bildungshauses dank der Vor - sehung Gottes geregelt: ein wesentlicher Beitrag zur Besserung der Priesterausbildung der vereinigten Diözesen von Santa Ana und Sonsonate.
Viel schwieriger tut sich die Neubezweckung unserer mehr als dreißig Hektar großen Kaffeeplantage. In wenigen Tagen wird der Nuntius des Papstes mit mir dieses Terrain begutachten.
Dringend benötigt würde eine regionale Kinderklinik. Vielleicht tut sich eine Möglichkeit auf, dass wir auch hier Gottes Weg finden und gehen werden können…

Ich möchte nicht vergessen, den Mitgliedern des Verwaltungsrates unserer Stiftung in Luxemburg zu danken für ihren uneigennützigen Einsatz im Sinne der Ärmsten. Muchisimas gracias!
Bald ist Ostern. Ohne Christus, ohne sein Makroleiden am Kreuze und ohne seine Auferstehung ist in unserem Leben Flaute, ganz tiefe Flaute.
Fahren Sie mit uns in der Karwoche, in den hohen Norden des guatemaltekischen Departamentes von El Quiche, eine Zweitagesreise…?
Mit bestem Dank und Gebet wünsche ich Ihnen ein frohes, gesegnetes Osterfest.

Ihr henri gloden

« Save the date »

Léif Frënn,

wéi all Joer kënnt den Henri Gloden am Summer fir e puer Wochen a seng Heemecht.
No 2016, wou mir mat him zu Mäertert 50 Joer Priisterwei gefeiert hunn, gesi mer eis dëst Joer erëm am Mutterhaus vun de Franziskanerinnen op Belair, 50, avenue Gaston Diderich.
Sonndes, den 21. Mee 2017 feiert de Padre Enrique mat Frënn a Familljen d'Mass um **18:00 h** an der Kapell vun de Schwësteren.
Dir sidd elo schon all häerzlechst invitéiert. Wéi an all deene leschte Joeren iwwerhëllt d'Chorale Sainte-Cécile vu Sandweiler de gesanglechen Deel vun der Mass. Jiddereen ass wëllkomm fir de Chouer ze verstärken.
No der Mass si mir zesumme bei engem Patt an engem Mäifelchen, kucken e Film iwwer El Salvador, a kënne mam Abbé Gloden diskutéieren.
Eppes Klenges fir de Buffet (Schmier, Bréitchen, Kuch, Taart…) ass ëmmer wëllkomm.

Kontakt

In Luxemburg:

Fondation Luxembourg - El Salvador
30, rue J.-P. Beckius, L-6671 Mertert
Tel. 74 80 93
Internet: www.elsalvador.lu
E-Mail: luxelsa@pt.lu
CCPL - LU73 1111 2119 9449 0000
BILL - LU47 0024 1691 8554 5100

Bei der Fondation handelt es sich um eine staatlich anerkannte Stiftung. Spenden sind gemäß den gesetzlichen Bestimmungen steuerlich absetzbar.

In El Salvador:

Padre Enrique Gloden
Hogar Amor y Esperanza - Apartado 48
Santa Ana / El Salvador / Centroamérica
Tel. 00 503 78 77 09 78
E-Mail: glodensch@yahoo.com
CCPL LU59 1111 0369 1656 0000
(Postscheckkonto von Henri Gloden, Mertert)

https://www.facebook.com/hellefelsalvador

Impressum

El Salvador - Luxembourg

Bulletin de la Fondation Luxembourg - El Salvador; paraît au moins quatre fois par an.

La Fondation a pour objet de promouvoir et de soutenir, par des aides matérielles ou autres, toute activité sociale et éducative dans l'intérêt de la population en détresse dans le pays d'El Salvador (Amérique Centrale) et plus particulièrement dans l'intérêt des enfants et adolescents dans le Foyer d'enfants «Amor y Esperanza» initié par lAbbé Henri Gloden à Santa Ana (El Salvador).